TIRLITIVI – Saison 2018

De Siggy an den Zoo-Tram

Realiséiert vun: Tanguy de Kermel, Federico Milella

Produzéiert vun : FABRIQUE D'IMAGES, Skyline Animation (BE), Grid Animation (BE)

Episoden: 26 x 11 Minutten

D’Déieren am Zoo hunn e Geheimnes: si ginn owes heem fir ze schlofen! De Siggy, en australesche Séisswaasserkrokodil a seng Frënn, d’Elefantejoffer Emilie, de Léiw Lionel an all déi aner, schlofen nuets an hire Better doheem an hirem Duerf, dat verstoppt läit matzen an engem Krater op enger verloossener Insel. Moies begannen se sech fir mat Zäit den Tram z’erwëschen, deen se zeréck an den Zoo bréngt. Jidderee muss kucken, dass en an deem klengen Tram eng Plaz fënnt, ier et lass geet a Richtung Zoo. Mä all Dag, soubal den Tram ënnerwee ass, geschitt eppes Onerwaartes, wat aus hirer klenger Rees e grousst a witzegt Erliefnes mécht.

De klenge Lou an d’Loulou (P’tits Bob et Bobette / Little Luke and Lucy)

Realiséiert vun: Jacopo Armani

Produzéiert vun : Doghouse Films, Grid Animation (BE)

Episoden: 52 x 7 Minutten

D’Loulou an de Lou hu sechs Joer a si bescht Frënn. Si sinn ëmmer op der Sich no neien Aventuren a kënne sech bei bal allem ameséieren. Hir eemoleg Imaginatioun mécht aus banalen alldeegleche Geschichte fantastesch Aventuren. Si wunnen an engem klengen Duerf laanscht d’belsch Plage an all hir Aventurë spille sech an deem Duerf of, dacks och beim Mier, wou si sech mol a Piraten, mol a

Kosmonauten oder soss eppes verwandelen. Dës Serie ass eng Adaptatioun vun der bekannter belscher Bande Dessinée.